Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An der Diskussioun ëm d'Reaffektatioun vun engem Mataarbechter vun der lëtzebuerger Arméi, ginn et och no méimolegem Nofroen säitens verschiddenen Deputéierten nach ëmmer eng Rëtsch Froen déi onbeäntwert bleiwen. De Minister fir Bannenzeg Sécherheet huet an der Chamberssëtzung vum 10. Dezember 2019 betount, datt hien net am Besëtz wier vum „Formulaire", deen am Kader vun der Evaluatioun vum concernéierten Här entstanen ass. RTL-Informatiounen no, gouf et säitens dëser Persoun eng formell Oppositioun betreffend senger Reaffektatioun, déi och schréftlech an deem entspriechenden Dokument – oder an aneren Dokumenter - festgehale gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Här Minister, ass am besoten Dokument, respektiv Formulaire oder an aneren Dokumenter, déi am Kader vun der Evaluatioun vum besoten Beamten entstanen sinn, eng schréftlech Notiz festgehale ginn, wou de Betraffenen seng formell Oppositioun zu senger Reaffektatioun festhale gelooss huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député